N° 7928
Entrée le 26.04.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.04.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/04/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.**

Wéi et aus der geschriwwener a geschwater Press ervir geet, stellt de Logementsminister sech vill Froen iwwert d'Logementskris zu Lëtzebuerg.

Rezent huet de STATEC nei Bevëlkerungszuele publizéiert, aus deenen ervir geet, datt Lëtzebuerg am Joer 2022 erëm e Rekordzouwuess un neien Awunner ze verzeechnen hat. Offiziell ass eis Bevëlkerung – erëm, muss ee bal soen – ëm gutt 15.400 Unitéiten an d'Luucht gaangen. Dat ass bal esouvill wéi Hesper Awunner huet, an Hesper ass ëmmerhin déi siwentgréisst Gemeng am Land, demografesch gesinn.

Domat net genuch: bei deem Zouwuess handelt et sech em e Solde, et komme jo all Joer Leit an d'Land eran an et wanderen der och erëm aus. D'läscht Joer hat Lëtzebuerg esou méi wéi 31.000 Entréeën ze verzeechnen a gläichzäiteg méi wéi 17.000 Sortien, 17.227 fir genee ze sinn.

Aus der Logementsperspektiv eraus sinn natierlech déi zwou Zuelen interessant. Engersäits ass den Drock, dee vu baussen op de Wunnengsmaart dréckt, riseg, mat méi wéi 31.000 Leit, déi iergendwou ënnerkomme mussen. Anerersäits gi jo och méi wéi 17.000 Leit fort, déi also zumindest theoretesch e bëssen Drock ewech huele kéinten.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Hu mir iergendeng Indikatioun doriwwer, op déi Leit, déi fortzéien, dat fir ëmmer maachen an eventuell hir Wunneng zu Lëtzebuerg opginn oder se verlounen?
    - Wa jo, ëm wat fir eng Gréisstenuerdnung handelt et sech a kann ee soen, dass doduerch d'Offer um Wunnengsmaart e bësse méi grouss gëtt?
    - Wann nee, ass de Minister der Meenung, datt een déi Froen ee Mol ënnert d'Lupp misst huelen an entweder mam LISER, mat der UNI, mam STATEC, mat der Stëftung IDEA oder mat all deenen zesumme misst kucken, hei eng méi grëndlech Etude ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten